N° 7606
Entrée le 15.03.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité sociale

**Äntwert vum Här Minister fir sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Froen n°7601 vum 15. Februar 2023 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement an n°7606 vum 15. Februar 2023 vum honorabelen Députéierten Här Marc Spautz iwwer den Rentenantrëttsalter**

Fir Leit, déi a méi europäesche Länner schaffen, oder dëst am Laf vun hirer berufflecher Carrière gemaach hunn, huet d'europäesch Unioun en Reglement agefouert, fir d'Sozialversécherungssystemer vun den eenzele Memberstaten ze koordinéieren. D'Reglement (CE) n°883/2004 ass applicabel séit dem 1. Mee 2010 an huet een änlecht Reglement vun 1971 ersat.

D'Prinzippien déi dësem Reglement zu Gronn leien hunn awer net fundamental geännert: all Memberstaat ass zoustänneg fir d'Organisatioun vu senger nationaler Gesetzgebung vun der sozialer Sécherheet an d'Reglement koordinéiert am Fall vun Iwwerschneidungen oder vu successiver Kompetenz vun den eenzele Memberstaten.

Dës europäesch Reglementatioun fir d'Koordinatioun vun de Sozialversécherungssystemer vun de Memberstate viséiert virun allem eng Eliminatioun vun Ongerechtegkeeten oder Ongläichheeten, déi entstoe kéinten, wann Persounen a méi Memberstate professionell aktiv sinn oder am Laf vun hirer professioneller Carrière waren.

D'Reglement n°883/2004 huet zousätzlech virgesinn, datt d'Echange vun Donnéeën tëschent Träger vun enger Versécherung aus eenzele Memberstaten op elektroneschem Wee solle funktionéieren, fir datt d'Transparenz an d'Vitesse vun esou Echangen um digitale Wee verbessert kënne ginn.

De Formular P5000 ass esou een elektronescht Formular mat Hëllef vun deem Pensiounskeesen aus de verschiddene Memberstaten eng Carrière vun engem Assuré austausche kënnen, fir datt dësen an deem jeeweilege Memberstat ka säi Recht op eng Pensioun ausüben. Et handelt sech also net em ee Formular wat vum Assuré selwer benotzt gëtt, mee ass ausschliisslech den Institutioune virbehalen.

All Memberstat ass zoustänneg fir d'Determinatioun vun de Pensiounsrechter déi sech aus der Qualifikatioun vun de Perioden aus enger Carrière erginn, eng Kéier fir den Ufank vum Recht op eng Alterspensioun an eng Kéier fir d'Berechnung vun der Héicht vun der Alterspensioun. Dës Pensiounsrechter ginn da vum jeeweilege Memberstat un déi aner concernéiert Staten matgedeelt.

Doduerch dat all Land seng eege Mechanismen a Definitiounen huet, ass net all Period als obligatoresch unzegesinn, beispillsweis a verschidde Länner sinn déi eng oder aner Perioden als obligatoresch unzegesinn déi soss zu Lëtzebuerg net esou betruecht ginn. Déi jeeweileg Länner setzen dann déi Informatiounen an de Formular P5000 an.

Well awer déi national Definitiounen sech net an all Fall iwwerschneiden, gouf dëse Sujet schonn e puer Mol an der zoustänneger Kommissioun, déi am EU-Reglement 883/2004 virgesinn ass a wou d'Länner all vertruede sinn, ugeschwat a probéiert Léisungen ze fannen. Dës ass awer net einfach well och déi national Legislatiounen evoluéieren

Fir dëser Problematik Rechnung ze droen, déi net nëmme Lëtzebuerg betrëfft, huet de Minister fir sozial Sécherheet den zoustännege Servicer den Optrag ginn esouwuel op EU-Niveau ewéi och tëschent den nationale Servicer, an dësem Fall der Lëtzebuerger an der Däitscher Pensiounskeess, dëse Sujet nees unzediskutéieren a praktikabel Léisungen auszeschaffen. Des Weidere sinn déi Lëtzebuerger Servicer am gaangen ze analyséieren ewéi een de Mixt-Carrièren, wou also eng Persoun an e puer Länner wunnt oder schafft, ka besser Rechnung droen, dës onofhängeg vum Resultat vun den Echangen op EU-Niveau.

Lëtzebuerg, den 15. Mäerz 2023

De Minister fir sozial Sécherheet

(s.) Claude Haagen